

**KULTUR
GESCHICHT**
VU LËTZEBUERG

**DOSSIER
PÉDAGOGIQUE**

KAPITEL 10

**VERNETZUNG LITERATUR-
A KULTURGESCHICHT II
EISENINDUSTRIE A MIGRATION
AN DER LITERATUR**

Auteur vum Kapitel: Jeanne Glesener | **Redaktioun vum Dossier:** SCRIPT (Marc Birchen, Claude Karger)
Éditeur : SCRIPT, Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques
33, Rives de Clausen | L-2165 Luxembourg | Boîte postale L-2926 Luxembourg
secretariat@script.lu | www.script.lu
Copyright: SCRIPT, 2021



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse



SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

ALEEDUNG

Ugefaangen huet et mat enger Rei vu Konferenzen, déi vum Institut de langue et de littératures luxembourgeoises vun der Uni Lëtzebuerg tëscht Februar a Mee 2018 ënnert dem Titel „Kulturgeschichte Lëtzebuerg“ organiséiert gouf. Doraus ass dunn eng Websäit mat deem selwechten Numm entstanden. Si gouf fir d'Schüler aus dem Secondaire classique a général entwéckelt.

Op der Websäit www.kulturgeschichte.lu fannt Dir momentan ënnerschiedlech Kapiteln iwwer verschidden Aspekter vun der Lëtzebuenger Kulturgeschichte, déi am Kader vum Optionscours Lëtzebuenger Kultur a Literatur kënne beliicht ginn. D'Websäit gëtt nach duerch weider Kapiteln ergänzt. Hei en Iwwerbléck iwwer déi Deeler, déi schonn zur Verfügung stinn.



Aarbechter an der Diddelenger Schmelz (1903), Archives nationales de Luxembourg, Arbed-PH-00167

ZESUMMEFAASSUNG

EISENINDUSTRIE A MIGRATION AN DER LËTZEBUERGER LITERATUR

Munch Historiker huet schonn op déi politesch a wirtschaftlech Wichtigkeet vun der Industrialiséierung a virun allem vun der Entwécklung vun der Eisenindustrie fir de Staat higewisen. D'Literatur reflektéiert dës Entwécklung vum Ufank vum 20. Joerhonnert un. D'Duerstellung dovun variéiert jee no zäitgeschichtlechem Kontext a reflektéiert doriwwer eraus déi verschidden Entwécklungsstadien an och d'Krise vun der Stolindustrie. D'Literatur zelebriert d'Exploite vun der Industrialiséierung a beweist doduerch den Impakt, deen déi nei Technologien op d'Sënner, d'Wahrnehmung an d'Imagination vun de Schrëftsteller an Dichter haten.

DEN TECHNOLOGESCHE FORTSCHRËTT FEIEREN

D'Eisenindustrie huet eng entscheidend Roll an der Transformatioun vum Land gespilt, dat sech a kierzester Zäit vun engem veraarmten a réckstännegen Agrarstaat an ee vun de weltwäit wichtigste Stolproduzenten entwéckelt. Dëse Prozess féiert dozou, datt de Minett, am Laf vum 20. Joerhonnert, net just den Uert vum technologeschen an industrielle Fortschrëtt gëtt, mee als Terres Rouges eng wichteg Plaz am kollektive Gedächtnes anhëlt. Duerch d'Industrialiséierung entsteet eng Dichotomie tëscht Industrie an Agrikultur, déi verschidde Beräicher beréiert: d'Dichotomie ass souwuel raimlech tëscht dem Norden an dem Süden (Éislek a Guttland), politesch (tëscht Sozialisten a Kathoulesch-Konservativen), ideologesch (tëscht enger progressiver a konservativer Weltansicht) wéi och demografesch (tëscht engem ëmmer méi groussen Zouwuess un Aarbechter am Süden an enger Landflucht am Norden). An der Literatur dréckt sech dës Oppositioun an engem groussen Korpus un Texter mat engem Fokus op d'Heemechtsthematik, dem Duerf- oder Bauerroman aus, an an engem méi klengen Korpus vun Texter, déi sech méi geziilt mat den industriellen Produktiounsprozesser, der Technologie, dem Fortschrëttsgedanken an der Aarbechterschaft auserneeetzen. D'Duerstellung vun der Industrie huet awer net just e reng deskriptiven Zweck; duerch déi literaresch Sprooch ginn d'Produktiounsprozesser ästhetiséiert an d'Technologie phenoménaliséiert. Opfälleg ass dobäi de Réckgrëff op Metapheren aus der Mythologie, deen eenzege Beräich, sou schéngt et op d'mannst, deen dat Monumentaalt vun der Industrie kann erëmginn. An Oppositioun zum progressisteschen Diskurs iwwert d'Industrialiséierung entsteet e Verdeedegungsdiskurs fir déi traditionell Agrargesellschaft. Duerch d'Referenzen op d'generationell Transmissioun, d'Häerzblutt an d'Blutt vun der

Rass gëtt d'Bauerentum hei essentialiséiert an als Schicksal vun der Lëtzebuurger Gesellschaft stiliséiert. D'Opbléie vun der Heimatliteratur, dem Bauerroman, der Duerfidyll während der 1. Hallschent vum 20. Joerhonnert hat deemno, reng ideologesch gesinn, den Zweck, eng Weltanschauung mat hiren Traditionen a Wäertvirstellungen ze konservéieren an ze verteidegen.

DEN INDUSTRIEAARBECHTER AN DER LITERATUR

D'Literatur vun der éischter Hallschent vum 20. Joerhonnert beschäftegt sech ganz wéineg mam Aarbechter an senger Liewensëmstänn. Well d'Siderurgie zum Erfolgersmythos vun der jonker Lëtzebuurger Natioun bäigedroen huet, verleeft hir Duerstellung an der Literatur haaptsächlech op engem symboleschen, wirtschaftlechen an ästheteschen Niveau; eng sozial Dimension, déi sech dem Lous vum Aarbechter an senger Liewensëmstänn géif unhuelen, ass gréisstendeels ausgespuert. Allgemeng kann ee festhalen, datt, wann den Aarbechter virkënn, en entweder an idealiséiert-mythologiséierender Form mat de Kräfte vun engem Hallefgott beschriwwen gëtt, deen de Feierstrom aus den Héichiewe ka bezwéngen, oder als en Element an den ästhetiséierte literareschen Tabloe vun der Industrie. Um Enn vum 20. Joerhonnert mécht d'Verherrlichung, d'Poetiséierung an d'Faszinatioun vum industriellen Produktiounsprozess enger sozialkritischer Beschreiwung Plaz. Chômage, de Verloscht vu Solidaritéit an engem ganze Way of Life am Süde vum Land si vu lo un dominant Theemen.

D'DUERSTELLUNG VUN DER MIGRATION AN DER LËTZEBUERGER LITERATUR

D'Migratioun, d. h. Emigratiouns- an Immigratiounsprozesser, ass, nieft der Nationalstaatebildung an der Siderurgie, ee vun den dominantsten Narrativen an der Kulturgeschichte vu Lëtzebuerg. D'Migratioun ass doriwwer eraus eng konstant an der Geschichte vum Land zënter 1815, ma war fir den Territoire ëmmer scho relevant. Den Historiker Denis Scuto proposéiert eng graff Migratiounstypologie an ënnersträicht domadder och nach emol, datt d'Migratioun eeben net nëmmen d'Awanderung vun de Minnen- a Bauaarbechter betrëfft, ma och d'Auswanderung an d'Mobilitéit vun de Lëtzebuurger zu verschiddenen Zäiten. Unhand vun dëser Typologie loosse sech dann och déi grouss wirtschaftlech Verännerungen ofliesen, zu deenen et tëscht dem 19. an 21. Joerhonnert koum. Wéilt een hei e méi detailléiert Bild weisen, misst een och

d'Migratiounspolitik méi genau ënnert d'Lupp huelen. Eréischt vun den 1960er-Joren un ass et de Friemaarbechter erlaabt, hir Familljen nokommen ze loossen. An den 1970-Jore setzt d'Transitioun an eng postindustriell Economie un; et setzt ee verstärkt op de Finanz- an de Servicesecteur, wat eng sougenannte „white-collar migration“, also eng Migratioun vun der internationaler Elitt, zur Folleg hat (EU-Beamten, Frontalieren am Finanzsecteur etc.). Nom Zesummebroch vu Jugoslawien an de Kricher am Balkan an den 1990er Joeren komme Flüchtlingen an Asylanten an d'Land. Déi méi rezent humanitäre Katastrophen am Mëttleren Osten an an Afrika dreiwé Leit aus deen Géigenden och op Lëtzebuerg.

Ee vun den éischten Texter, deen sech méi am Detail mat den Italieener am Aarbechtermilieu beschäftegt, ass dem Batty Weber seng Erzéiung *Bella Ghitta*, déi vun 1889 - 1890 an der Escher Zeitung als Feuilleton verëffentlecht gëtt. *Bella Ghitta* kann als ee vun de Pionéiertexten vun der Migratiounsthematik ugesi ginn.

D'Auswanderung vun de Lëtzebuurger an Nord- a Südamerika am 19. Joerhonnert hëlt dogéint weesentlech méi Plaz an der Literatur an. D'Expressioun „De Monni - oder d'Tatta - aus Amerika“, déi sech wäit bis an d'1970er-Joren hält, weist op d'Plaz hin, déi dës Auswanderung an der *Mémoire collective* hat. An der 1. Hallschent vum 19. Joerhonnert war de Grond fir d'Auswanderung virun allem déi prekär Liewensconditiounen vun de klengen Baueren an Doléiner. Fir vill vun hinne war d'Emigratioun effektiv déi eenzeg Chance fir ze iwwerliewen. Se hunn hir Häff verkaaft, a wou 1827 den Appell vum brasilianeschen Keiser Dom Pedro komm ass mat der Offer, sech zu extreem avantagéise Konditiounen an sengem Land néierze-loossen, sinn der vill deem Ruff nogaangen. Si hu Lännereien, Béischten, finanziell Ënnerstëtzung an eng Steierdispens fir déi éischt zéng Joer a Brasilien an Aussicht gestallt kritt, dat doduerch wéi en Eldorado geschéngt huet. Muenchereen huet et awer net gepackt an ass veraarmt zeréck op Lëtzebuerg komm.

D'MOBILITÉIT VUN DEN DÉNGSCHTMEEDERCHER

D'Mobilitéit vun den Déngschtmeedercher a Frankräich an an der Belsch ass e weidere wichtege Aspekt vun der Migratiounsgeschicht, déi domat eng wichtege Genderdimensioun kritt. De Migratiounsphenomeen vun den Déngschtmeedercher kënnt op, wéi et keng Passpflicht méi tëscht Frankräich a Lëtzebuerg gëtt, an hält bis nom Zweete Weltkrich un. Vermëttlungsagencen (bureau de placements) zu Paräis an zu Bréssel hunn eng impressionnant Zuel u Meedercher „placéiert“: zu Bréssel waren dat der 350 tëscht 1913-1914; 1938 waren et der 2.241. Et handelt sech meeschtens ëm net-bestuete jonk Fraen a Meedercher vum Duerf an aus der Ënnerschicht an e Posten als Déngschtmeedche war fir si déi bescht Méiglechkeet, engem respektabele Beruff nozougoen an d'Welt vun de Grousstied ze entdecken an ze

erliewen. Wa vill Meedercher positiv vun dëser Erfahrung profitéiert hunn, sinn anerer vun de Stied an hire Plazen, wou se ausgebeut a sexuell méissbraucht gi sinn, verschlonge ginn. Et ass virun allem déi gescheitert Déngschtmeederchersexistenz, déi an der Literatur hiren Néierschlag fënnt.

GESCHICHT VUN DEN IMMIGRANTEN

D'Immigranten, d'Friemaarbechter, d'Italieener, d'Portugisen an d'Capverdianer hu vun de 70er-Joren un eng méi grouss a reegelméisseg Presenz an der Lëtzebuurger Literatur. Wichteg ass et drop hinczewisen, datt, anescht wéi an aneren europäesche Kontexter, et net déi Betraffe selwer sinn, déi ufänken, hir Geschicht ze schreiwen, mee datt dat vun den eenheemeschen Auteuren iwwerholl gëtt. D'Migratioun an d'Immigrante sinn an de 70er-Joren e wichtege Deel am sozial-kritesche literaresche Programm vun den Nokrichsauteuren, déi radikal mat den national-patrioteschen Theeme vun der eelerer Auteuregeneratioun brieche. Vun de 90er-Joren u sinn d'Immigranten oder d'Protagoniste mat Migratiounshannergrond feste Bestanddeel vum Lëtzebuurger Roman. D'Migrante selwer fänken eréischt spéit un, hir Erfahrung oder déi vun hirer Famill literaresch ze verschaffen.

PEDAGOGISCHE VOLET

1 KUERZEN IWWERBLÉCK

Wéi den Titel et seet, beschäftigt sech dëst Kapitel mat der Perceptioun an der Duerstellung vun der Eisenindustrie an der Migratioun an der Lëtzebuerger Literatur vum 20. Joerhonnert.

2 LÉIERZILER

WËSSEN:

- D'Schüler kennen déi wichtegst Etappe vun der Perceptioun an der Duerstellung vun der Eisenindustrie an den Aarbechter a kënnen dës an eegene Wierder erëmginn.

METHODEKOMPETENZEN:

- D'Schüler verbessern d'Method vum Verglach.
- Si verbessern hir schrëftlech resp. literaresch Kompetenzen.

3 AUFGABEPROPOSEN

An dësem Kapitel bidden sech komparativ Exercicer un. Esou kann d'Duerstellung vun den Aarbechter, de Fabricken, de Liewensëmstänn oder der Migratioun an Extrakte vu verschiddenen Auteure vun de Schüler beliicht ginn.

Als Beispill sief hei de Verglach vun der Episod ëm den Aarbechteropstand 1912 am Jean Portante sengem Roman *La mémoire de la baleine* (1993) an dem Marc Angel senger Graphic Novel *Schichtwiessel – Eng Déifferdang* *Aarbechtergeschichte* (2017) genannt.

- Wat fir eng Elementer fanne mer an den zwou Versiounen vun der Geschichte erëm?
- Wéi kréie mer d'Geschicht vermëttelt? Wéi hëllefen d'Genrë vum Roman oder vun der Graphic Novel eis, eis dës Episode besser virstellen ze kënnen?
- Soll d'Literatur (Roman, Poesie, Theater, Graphic Novel) sech mat esou reellen historiesche Fakte befaassen? Wa jo, wou ass dann nach den Ënnerschied tëscht Literatur (Fiktioun) a Geschicht (Historiografie)?

Och hei kéinten d'Schüler nees selwer kreativ partizipéieren, andeems si zum Beispill e literaresche Produkt (Essay, Kuerzgeschichte, Graphic Novel) iwwert d'Eisenindustrie, d'Aarbechter an d'Migratioun an der Géigewaart schreiwen.

No der Finalisatioun missten si da Stellung bezéien an erklären, wieso si d'Aarbechter, d'Industrie asw. grad an dëser Form a mat dësen Attributer/Eegenschaften etc. beschreiwen.

